


## 1. De Bilan Kuerf

Dëse Kuerf ass eng gutt Méiglechkeet, de Bilan zu engem feste Ritual no der Versammlung, Sortie a Camp ze maachen. E kann iwwerall matgeholl ginn an kënne jee no Aktivitéit ugepasst ginn.

**All Symbol op den Holzscheiwen representéiert eng Iddi.**

Stär = Et ass mir schwéier, net wéier gefall mech un d‘Reegelen ze halen well,

Sonnebrëll = dat war cool

Zauberstaf= dat wënschen ech mir

Fändel = dat war mäin Zil

Fieder = dat war net schwéier

Diamant = dat war ganz schéin

Rout Kräiz = do hunn ech Hëllef gebraucht

Bier = dat hunn ech geléiert

Steen = dat war schwéier

Lupp = dat wëll ech mir méi genau ukucken

Grénge Smiley = ech si frou well,

Roude Smiley = ech si rose well,

Häerz = dat huet mir extra gutt gefall,

Stopp = dat wëll ech net méi esou maachen

Zitroun = dat huet mech genervt

Fragezeichen = ech hunn eng Fro

Poubelle = dat war extra blöd




Um Ufank vum Scoutsjoer huet ee villäicht just 45 Holzscheiwen déi no all Kand zeréck an d‘Mëttgeluecht ginn. Wann d‘Kanner dës Methode scho besser kennen, kann een ëmmer méi Holzscheiwen dobäileeën an och emol probéieren, dass all Kand eng aner muss huelen.

## 2. Säz fäerdeg maachen

Bei dëser Zort Bilan fänkt ee vun de Chef e Saz un an d'Biber mussen de Saz fäerdeg Maachen. Hei kann ee variéieren ob ee fir all Biber de selwechte Saz oder ëmmer Aner Sätz benotzt.

**Beispiller:**

Mir huet et gutt gefall, dass…

Mir huet net sou gutt gefall, dass…

Am allerschéinste war, …

Dat wëll ech nach gär soen…

Dowéinst sinn ech lo besser am … ginn …

Dëst huet mech frou gemaach…

Dëst huet mir gefeelt…

Hei konnt ech engem Aneren hëllefen…

Dëst wéilt ech nach méi oft maachen/spillen/….

Dat hei wäert ech ni a mengem Liewe vergiessen ….

Heivunner erzielen ech menge Frënn, Elteren, Bomi…

## 3. E Bilan mam Ball

D'Kanner stinn am Kreess a passen ech ee Ball.
Dat Kand, dat de Ball huet soll eppes
zu der Aktivitéit soen. Hei kann ee variéieren,
ob d'Kand eppes Allgemenges soll soen oder
Ob virun der Ronn ëmmer en Thema festgehale
gëtt (Rallye, Iessen, Waasseraktivitéiten)



## 4. E Bilan mam Würfel

Op engem Wierfel sti verschidden Aktivitéiten oder Froen.
All Kand kënnt dru fir ze wierfelen a muss dann eppesdozou soen, wat um Wierfel steet.


## 5. Skala vu 0 – 10

Mat Kräid gëtt eng Skala vun 0 – 10 op de Buedem gemoolt. D'Kanner kréien en Thema gesot (Iessen) a sollen sech op der Skala placéieren (1=net gutt an 10=ganz gutt). Uschléissend hunn d'Kanner d'Méiglechkeet hire Choix ze erklären.

## 6. E Bilan am Kreess oder op der Trap

D'Kanner stinn an engem Krees. Et gëtt ee Beräich vun der Aktivitéitugeschwat. D'Kanner mussen sech änlech wéi bei der Skala méi an der Mëttoder méi bausse placéieren. Eng Méiglechkeet ass och, dass d'Kanner sech méino um Buedem placéieren, wann et hinnen net esou gutt gefall huet a sech méigrouss maache wat et hinne besser gefall huet.
Eng weider Méiglechkeet ass et, dass d'Kanner sech op enger Trap placéieren

## 7. Ampelsystem



Bei dësem Bilan fänken d'Kanner no der Aktivitéit hir Klamer un d'Ampel. De Bilan huet de Virdeel, dass eganz séier gemaach ass ande Nodeel, dass d'Kanner keng Erklärung ginn.

**Alternativ fir ënnerwee:**
Et hëlt een e Kuerf mat. D'Kanner sollen no der Versammlung all ee rouden, orangen oder gréngе Steen an de Kuerf geheien.

Bei béide Varianten, kann een awer zesumme mat de Kanner dat Feld thematiséiere wou am meeschte Klamere sinn.
Firwat si vill Klameren op rout? War war net gutt? Wat kënne mer aneschters maachen?

## 8. 1, 2 oder 3

Et ginn 3 verschidde Plazen definéiert (z.B: 3 Beem). All Bam steet fir eng Aktivitéit. D'Kanner sollen sech elo bei dat stelle, wat hinnen am Beschte gefall huet.

## 9. Faarwe Stickeren

Dëse Bilan ass virun allem no engem Weekend oder engem Camp eng flott Méiglechkeet, Feedback vun de Kanner ze froen.

D'Kanner kréie rout, orange a gréng Stickeren. Dës sollen elo op déi verschidde Plakater gepecht ginn, déi eenzel Beräicher vun der Aktivitéit representéieren (Iessen, Schlofen, Veillée asw.)

**Alternativ:** Stären an engem Glas sammelen, Bäll an en Eemer schéissen...

## 10. Molen

No enger gréisserer Aktivitéit (Camp oder Weekend), kann een d'Kanner mole loossen, wat hinnen am beschte gefall huet.